N°3562
Entrée le 30.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.02.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 30. Januar 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir d'Egalitéit an d'Diversitéit an un den Här Minister fir d'Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden:

„Ee Joer no der parlamentarescher Debatt iwwert d'Petitiounen am Zesummenhang mat den LGBTIQ+-Thematiken an der Schoul ass de 27. Januar 2026 an enger gemeinsamer Sëtzung vun der Famillje- an der Educatiounskommissioun e neit Konzept fir méi inklusiv sanitär Infrastrukturen a Vestiairë presentéiert ginn.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Ministesch fir d'Egalitéit an d'Diversitéit an dem Här Minister fir d'Educatioun, Kanner a Jugend follgend Froe stellen:

- Wéi ass dëst neit Konzept konkret ausgeschafft ginn, a wéi eng Acteuren oder Fachinstanze waren an dëse Prozess agebonnen?
- Ass virgesinn, dës nei inklusiv Infrastrukturen an allen ëffentleche Schoulgebaier ëmzesetzen? Wann jo, wéi gesäit de konkreten Zäitplang fir dës Ëmsetzung aus?
- Ass et no dësem Konzept virgesinn, dass et an de Schoulen nëmmen nach gemeinsam Toilettë fir Schülerinnen a Schüler gëtt?
- Trëfft et zou, dass et och am Beräich vun de Vestiairen an Zukunft nëmmen nach gemeinsam an net méi getrennten Infrastrukture soll ginn?
- Wéi soll am Kader vun dëse neie Konzepter garantéiert ginn, dass d'Privatsphär an d'Intimitéit vun de Schülerinnen a Schüler zu all Moment respektéiert a geschützt bleift?"

Mat déiwem Respekt,

Barbara AGOSTINO
Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, an der Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro Nr. 3562 vun der honorabeler Deputéiert Barbara Agostino**

1. **Wéi ass dëst neit Konzept konkret ausgeschafft ginn, a wéi eng Akteuren oder Fachinstanze waren an dëse Prozess agebonnen?**

D'Initiativ geet zeréck op eng gemeinsam Reunioun vum 21. Juni 2021 vum Minister fir ëffentlech Bauten a vum Educatiounsminister.

D'Thema vun dëser Reunioun waren d'Problemer vu Mobbing, Vandalismus an Diskriminiéierung am Zesummenhang mat der Gestaltung vun de sanitäre Raim an de Lycéeën.

Dobäi sinn zwee Problemer identifizéiert ginn. Déi traditionell Toilettëberäicher sinn no baussen hin zou, esou datt se eng Surveillance dovun, wat banne geschitt, erschwéieren. No bannen hi sinn d'Kabinnen no uewen an ënnen op, esou datt se wéineg Intimitéit fir d'Schülerinnen a Schüler bidden an en iwwergrëffegt Verhalen erliichteren.

Op Basis dovun, ass den Educatiounsministère beoptraagt ginn fir eng éischt Recherche ze maachen no Konzepter vun „inklusiven" sanitäre Raim, déi dës Problematike géinge verbesseren.

Am Mee 2022 huet den Educatiounsministère d'Resultater vun dëser internationaler Recherche, déi vum CePAS duerchgefouert gouf, un de Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderginn, mat der Demande, fir e Konzept fir Lëtzebuerg ze entwéckelen.

D'Bauteverwaltung huet doropshin en Architektebüro beoptraagt, e Konzept auszeschaffen. Dëst ass an enker Zesummenaarbecht mat dem Educatiounsministère, an och mat den zivilgesellschaftlechen Associatiounen am Beräich Inklusioun geschitt.

Fir de Pilotprojet vum neie Gebai vum LTC (Lycée Technique du Centre) war d'Direktioun vum Lycée de Gespréichspartner.

Et ass hei drëms gaangen, e bessert Konzept fir Sanitäranlagen auszeschaffen. Inklusioun an all hire Facettë war hei genee esou wichteg, wéi konkret Äntwerten op Problemer ronderëm dës Infrastrukturen ze fannen. D'Konzept, dat zeréckbehale gouf, baséiert esou um Prinzip vun enger méiglechst grousser Transparenz an Oppenheet vun der Gestaltung vum Virraum, an individuellen an zouenen Toilettëkabinnen, wou och eng Méiglechkeet besteet, e Lavabo an e Spigel ze hunn. Dëst gouf och genee esou an der Chamberskommissioun presentéiert.

Dat éischt soll verhënneren, datt et an dësem Beräich zu Vandalismus, Mobbing oder Diskriminéierung kënnt, a soll zu der Sécherheet vun de Schülerinnen a Schüler bäidroen. Dat zweet ziilt op eng méiglechst grouss Intimitéit vu de Schülerinnen a Schüler.

Dësen Design vun de Sanitäranlagen ass vun alle consultéierten Acteuren als besser empfonnt gi wéi déi aktuell Gestaltung.

2. **Ass virgesinn, dës nei inklusiv Infrastrukturen an allen ëffentleche Schoulgebaier ëmzesetzen? Wann jo, wéi gesäit de konkrete Zäitplang fir dës Ëmsetzung aus?**

   Nee, et ass net virgesinn, aktuell Schoulgebaier systematesch ëmzebauen, fir Sanitäranlagen oder Vestiairen no deem neie Konzept anzebauen. Wéi an der Kommissiounssëtzung erkläert, wäerten an enger éischter Phas déi Schoulgebaier déi elo an d'Planung ginn, respektiv Gebaier, déi kärsanéiert ginn, no deem neie Konzept ëmgebaut ginn.

   Wichteg ass et an dësem Zesummenhang, den Ënnerscheed ze maachen tëscht dem neie Konzept vu Sanitärraim an der Notioun vun „Unisex-Toiletten". Et geet hei ëm Sanitärinfrastrukturen, déi genuch Flexibilitéit erméiglechen, fir de konkrete Besoine vun de Lycéee kënne gerecht ze ginn.

   Wéi an der Kommissiounssëtzung erkläert gouf, war virgesinn, d'Signaletique vun den Toilettë mat all Schoul zesumme festzeleeën. Virum Hannergrond vun den aktuellen Diskussioune wëlle mir awer kloerstellen, datt et an Zukunft an all Schoulgebai dräi Méiglechkeete muss ginn:

   Et wäert an all Schoulgebai separat Jongen- a Meedecherstoilettë ginn, an Toiletten, déi keng spezifesch Beschëlderung wäerten hunn. D'Detailer hänke vun der Gréisst an der Gestaltung vun der schoulescher Infrastruktur of.

   Dëst entsprécht den Ziler, déi d'Regierung sech am neie PAN LGBTQI+ ginn huet, an deen am Juli 2025 schonn der Chamber an der Ëffentlechkeet virgestallt gouf.

3. **Ass et no dësem Konzept virgesinn, dass et an de Schoulen nëmmen nach gemeinsam Toiletten fir Schülerinnen a Schüler gëtt?**

   Nee, et wäerten och weiderhin Toilettébléck mat Kabinnen exklusiv fir Jongen, Toilettébléck mat Kabinnen exklusiv fir Meedercher, a neutral Toiletten-Bléck an de Lycéeë ginn. D'Detailer wäerte vun der Schoul iwwert déi flexibel Beschëlderung festgeluecht ginn.

4. **Trëfft et zou, dass et och am Beräich vun de Vestiairen an Zukunft nëmmen nach gemeinsam an net méi getrennten Infrastrukture soll ginn?**

   Nee, hei handelt et sech, entgéint deem, wat iwwert déi lescht Deeg an der ëffentlecher Diskussioun behaapt gouf, ëm getrennte Jongen- a Meedechersvestiairen an Duschen. Hei ass ugeduecht, fir am Sënn vun der Inklusioun an der Intimitéit vun all eenzel Schüler a Schülerin, nieft de klassesche Vestiairen an Duschen, zousätzlech Kabinne mat jeeweils enger separater Dusch derbäizesetzen, déi onofhängeg vun der Populatioun benotzt kënne ginn.

5. **Wéi soll am Kader vun dëse neie Konzepter garantéiert ginn, dass d'Privatsphär an d'Intimitéit vun de Schülerinnen a Schüler zu all Moment respektéiert a geschützt bleift?"**

   Et ass hei, wéi schonn erwäänt, drëms gaangen, e bessert Universalkonzept fir Sanitäranlagen auszeschaffen. Eng vun den Haaptprioritéite war hei d'Intimitéit vun de Schüler a Schülerinnen zu all Moment ze garantéieren, an dofir gëtt hei bei der Gestaltung vun Toilettébléck op en Zesummespill zwëschent Oppenheet an Intimitéit gesat. Dëst Konzept soll iwwert d'Dimensioun vu Geschlechterinklusioun erausgoen, fir och anere Considératiounen wéi z. B. Alter, Relioun, physesch Dispositiounen oder kierperlech Aschränkungen, Rechnung ze droen. Respekt vun der mënschlecher Dignitéit, Sécherheet an Inklusioun si fundamenal Mënscherechter, déi an den Educatiounsinfrastrukture musse garantéiert ginn.

Generell wäert et bei esou engem sensibelen a komplexe Sujet och wichteg sinn, fir Erfarungswäerter iwwert déi nächste Méint a Joren ze sammelen, souwéi eng objektiv an nuancéiert Diskussioun mat allen Acteuren ze féieren.

Lëtzebuerg, den 2. Februar 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH